

Stad a Sprooch

Fir d'alleréischt emol merci, datt mir dürfen an dëser Zeitung och e puer Wuurt mat eise Stater Leit schwätzen.

Wa mir an dëser Zeitung eppes iwer eis Sprooch schreiw sollen, dann as et jo klor, datt mir probéieren, fir dat mat der Stadt selwer op ee Stréch ze kréien; an dat as nët extra schwéier.

Dës Kéier soll nët iwer de Rodange-Fiischen um Knuedler oder den Dicks-Lentz-Mippchen op der „Plëss“ rieds goen, och nët iwer déi Iddi, fir vläicht emol drun ze denken, ob een nët fir dem Dicks säin 100. Doudsjor kënt e klengt Monument duer setzen, wou eist Theaterliewen sech haut of-spillt . . . do wir vill a schéi Plaz. Haut wëlle mir eng Grimmel iwer d'Stroossennimm kregéilen, déi nët nëmmen äis, mais och ville Stater um Mo leien. Schwätzt och nëmmen ee Stater vun enger „Grand-Rue“, enger „Rue du Curé“, engem „Marché-aux-Poissons“, enger „Rue Genistre“? Frot emol eng Parti Leit, wou bestëmmte Stroossen oder Plaze sin, a wéi déi op Lëtzebuergesch heeschen: place de la Constitution, rue des Récollets, place des Martyrs . . . wann Dir ower vun der Groussgaass, der Lantergässelchen, der Gëlle Fra, dem Rousegärtche schwätzt, da weess jiddereen, wou en drun as.

Leider gët ze dacks gemengt, et wir ee géint d'franséisch Sprooch, wann een déi franséisch Stroossennimm op d'Schëppchen hëlt; dat as ower guer a glat nët de Fall; do wou déi hir Plaz hun, do sollen s'och sin; do, wou eng nei Strooss en neien Numm kritt, well keen aneren do war, ka kee verstännege Mënsch eppes dogéint hun. Mir sin ower z. B. dogéint, datt déi typesch an echt lëtzebuergesch Nimm solle fir den Numm vun engem Politiker oder engem dichtege Lëtzebuurger oder Ausländer verschwannen. Et gi jo zesoen all gudde Broutdag nei Stroosse gebaut a Gebaier opgeriicht: Nieft dem Flouernumm, deen do mat an de Be-tong gebakt gët, kann a soll roueg de Péiter Dësen an de Jang Deen oder de Joseph Celui säin Numm op d'Schëld kréien.

All verstännege Mënsch misst ower och bal dofir sin – an dat och do soen wou et higehéiert – datt op d'aller-mannst déi gestackten an duerch d'Jorzéngten a Jorhonnerte gewuesse Stroossennimm nët solle verluer goen; et kann een sech dach roueg froen, firwat déi sollen ënnerdréckt gin? Frot emol am Ausland, wéi se do hir Stroossennimm versueren; do hun och déi offiziell Plazen ewell laang eraus, datt d'Stroossennimm absolut an d'Mapp vun de „Monuments et Sites“ gehéieren, genee ewéi al Haiser a Fassaden a Gemaiers!

As eise franséische Stroossen-Tickchen esou wichteg? Kommen d'Touriste besser domat zuwee? Mir sin dat eenzeg Vollek op der Welt, wou „rue“ op de Schëlter steet a „gaass/gässelche“ gesot gët; mir schreiw „avenue de la Gare“ a soen „al Avenue“; mir schreiw „rue du Rost“, a soen „um Rouscht“ . . . firwat? Iwwregens huet nët eng eenzeg Gaass a Plaz op deer lëtzebuergeschster Plaz aus dem Land


emol hire lëtzebuergesch Numm um Schëlt stoen (bis op d'Schéieschlach)! Firwat?

Mengt Dir, en Hollänner, e Fransous, en Däitschen oder en Amerikaner an e Belsch krit „Groussgaass“ nët grad esou gutt eraus ewéi „grand-rue“? Denkt Dir, zu Merel wire si manner franséisch gedréint, wann d' „rue des Aubépinés“ dat schéint „Laangkeck“ behal hätt; de „Kräizgrëndche“ gif nach säi lëtzebuergesch Numm verdroen, grad ewéi d'Lonkécherstrooss nët manner patriotesch wir, wann dat Lëtzebuergesch wéinstens ënnert dem „10 septembre“ sténg.

Esou kënt een duerch d'ganz Stad goen, an sech mat de Stroossennimm ofgin, och am Gronn, um „Bierg“, zu Gaasperech, a Clausen asw. Et wir eng flott Aarbecht, déi hire Sënn hätt. Ower et geet nët duer, datt déi lëtzebuergesch Nimm emol erëm engker an engem Kalenner oder enger lokalhistorischer Publicatioun oder enger Spezialistenaarbecht vun Toponymisten agewéckelt bleiwen . . . dat muss eraus ënnert d'Leit, dohinner, wuer et gehéiert, well et jo och vun de Leit kënt!

Wou as déi gutt Séil, déi äis eng Lëscht vun alle Stater Stroosse mat hiren „offiziellen“ an hire „gewuesenen“ Nimm mécht? Domat kënten a géng mir ewell ganz vill ufänken, an äis do un d'Klackeseler hänken, wou et eppes géng déngen.

Iert mir ophale mam Geknouters, sief ower nach gesot, datt vru Joren en Ufank mat de Stroosseschëlter gemach gi war (Waassergaass, Ënneschtgaass, Hellepull, Casinosgaass . . .); ma firwat geet dat nët virun? As et de gudde Wëll oder as et de Portmonni . . . oder as et déi al Geschicht vum Jabel, hannert deem alt erëm muss gedréckt gin, fir datt en eng Grimmelche virugeet. Dajee alt, mir hëllefe gär. Maacht Dir och mat?



REMARQUE DE L'ADMINISTRATION COMMUNALE:
Par souci des traditions, les anciennes dénominations luxembourgeoises de certaines rues et places de la capitale ont été ajoutées à la dénomination française quand celle-ci s'en écartait sensiblement. Comme le français reste la langue administrative au Grand-Duché, il semble cependant tout à fait normal de laisser aux autres artères leur dénomination française dans tous les cas où une traduction littérale n'apporterait aucun élément nouveau.